



## NaturErliefnisSchoul

an Zesummenaarbecht mam  
**Natur - & Geopark Mëllerdall,**  
der Naturparkschoul heich 3

an der Grondschoul Beeforter  
Buergfénelcher

Juni 2019

### Projetsgrënnerinnen & Projetsleederinnen

Mme Sandra Leoni  
Léierin a Kraiderpedagogin  
10, chemin de la vallée  
L-6315 Beaufort  
[sandra.leoni@education.lu](mailto:sandra.leoni@education.lu)  
Tel: 691 836627

Mme Joëlle Renoir  
Léierin an Naturcoach  
6, chemin des rochers  
L-6310 Beaufort  
[joelle.renoir@education.lu](mailto:joelle.renoir@education.lu)  
Tel: 661 360165

## **1. De Kader vum Projet NaturErliefnisSchoul**

A. Praktesch Ëmsetzung vum Projet

B. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

## **2. Zieler an d'Stärkten vum Projet NaturErliefnisSchoul**

## **3. Eis pedagogesch-didaktesch Methoden**

## **4. D'Acteuren an d'Vernetzung vun eisem Projet**

## **5. Rëckblëck op daat aktuellt Schouljoer 2018-2019**

## **6. Perspektive fir d'Schouljoer 2019-2020.**

Fir d'nächst Joer ass geplangt

# De Pilotprojet NaturErlebnisSchoul

D'Iddi zum Pilotprojet NaturErlebnisSchoul ass eis komm, well mir an de leschte Joren an eisem schouleschen Alldag mat Bedenke festgestallt hunn, datt d'Prérequisen an déi spezifesch Besoine bei de Kanner vun de Klassen am C2, ëmmer méi auserneendriften, an dëst a multipelle Beräicher.

Mir wollten dem entgéintwierken an iwwert **eng holistesche Eruehensweis** un deem **sozialen, kommunikativen, emotionalen, perceptiven a motoreschen** Equart, deen d'Kanner opweisen, schaffen an si domat **sozial, kierperlech a kognitiv** méi fit maachen, an der Hoffnung, dass dëst positiv Auswierkungen op hiert Selbstbewosstsinn an awer och dat gemeinsam Klasseliewe wäert hunn.

## 1. De Kader vum Projet NaturErlebnisSchoul

### A. Praktesch Ëmsetzung vum Projet

D'**NaturErlebnisSchoul** ass een **Pilotprojet** deen de Kanner aus dem **C 2.1** aus der Beeforter Grondschoul et erlaabt ee Moien an der Woch hiert **Klassenzëmmer an d'Natur ze verleeën** a gläichzäiteg esou **ee Moien am klenge Grupp mat hierer eegener Joffer am Kllassesall** schaffen ze kënnen.

Di praktesch Ëmsetzung vum Projet gesäit esou aus datt mir, Dënschdes mat der Hallschent vun de Kanner aus den zwou Schoulklasse vun den **Enseignantë Cindy Marcinkowski** an **Patrice Petry** aus dem **C2.1**. an d'Natur erausginn a Mëttwochs mat der aner Hallschent, sou datt mir am Bësch ëmmer ee Grupp vu 14 - 16 Kanner hunn. Dëst erlaabt et den Titulairë vun de Klassen op dësen zwee Moienter mat engem méi klenge Grupp (7-8 Kanner) ze schaffen an hiren Unterrecht esou besser ze differenzéieren an un de Kanner hier Besoinen unzepassen.

All Kand ass also ee Moien an der Natur am grénge Kllassesall an all Kand huet d'Recht op ee Moien am klenge Grupp mat senger Joffer differenzéiert ze léieren. Dëst ass nëmme Méiglech well di Beeforter Grondschoul eis zousätzlech 8 Stonnen Assistance zur Verfügung gestallt hunn fir dëse Projet.

	Dënschdeg		Mëttwoch	
	Am Kllassesall	An der Natur	Am Kllassesall	An der Natur
07:50 – 12:00 Auer	<b>Grupp 1</b> Mme Marcinkowski 7 Schüler	<b>Grupp 2 &amp; Grupp 4</b> NaturErlebnisSchoul C2.1 15 Schüler	<b>Grupp 2</b> Mme Marcinkowski 8 Schüler	<b>Grupp 1 &amp; Grupp 3</b> NaturErlebnisSchoul C2.1 15 Schüler
	<b>Grupp 3</b> Mme Petry 8 Schüler		<b>Grupp 4</b> Mme Petry 7 Schüler	

### B. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

An dësem Moie dobaussen ginn d'**Fächer: Sciences naturelles, Education artistique** an **Education physique** ofgedeckt. Mir behandelen awer och Elementer aus **der Vieso, de Sproochen** dätsch a **lëtzebuergesch, der Mathématique** a virun allem déi fir d'Zukunft esou wichteg **Compétence transversalen** mat den **Démarches mentalen** an de **Manière d'apprendre**.



**1. Gläich Chancen fir jiddereen duerch gezielt Differenzéierung**

Doduerch datt eise Projet wärend der Schoulzäit an allen Klasse vum C2.1 vu Beefort stattfënnt, a verbindlech ass wéinst der Schoulpflicht, ass di Gerechtegkeet di am Bildungsbericht gefuerdert gëtt garantéiert.

All Kand profitéiert dobausse vu prakteschem, naturnohen, bedeitsame Léieren an all Kand profitéiert am Kllassesall vun engem méi individuell orientéierten Unterrecht mat sengem eegenen Titulaire an engem klengen Grupp op engem Dag an der Woch.



**2. Präventiv a ganzheetlech Schaffen**

Ganzheetlech Schaffen heescht d'Kand als ee ganz ze gesinn an et do ewech ze huele wou et a senger momentaner Entwécklung steet.

Mir bereede vir mat Hibleck op Kierperwahrnehmung, Sproochentwécklung, sozial Kompetenzen, Teamförderung, Resilienz, Selbstvertrauen, Grob- a Feinmotorik, Ausgeglichenheet, Grenze kënnen léieren, mental a kierperlech Gesondheet an Entwécklung, Emotionalitéit, Naturschutz, Ëmweltbewosstsinn, Wertevermittlung a Respekt.



**3. Fächer-iwwergräifend Léieren a vernetzt Denken**

Mir vermëttelen de Kanner am Joresrhythmus een réelt, praktescht spiraleg organiséiert Léieren mat alle Sënner an direktem Ëmgang mat der Natur.

Des praktesch Erfarunge vun Dobaussen am Naturkllassesall ginn am Kllassesall an der Schoul nees thematiséiert a verdéift. Dëst erméiglecht en vernetzt Denken duerch di permanent Verbindung mat ënnerschiddleche Medien a gëtt och mat selwer entwéckelten, differenzéierten a fächer-iwwergräifende Wochepläng garantéiert.



**4. Nohaltegkeet an Ëmweltbewosstsinn fërderen**

E längerfristegt Objektiv vun eisem Projet ass ganz kloer d'Kanner schonns vu klengem un ze sensibiliséieren zu engem méi respektvollen, responsablen a récksiichtsvollen Ëmgang mat eiser Natur an Ëmwelt, an si sou op hirem Wee zu nohaltege Matbierger ze ënnerstëtzen.

Dëst nohaltegt Wäertschätzen erreche mer doduerch datt d'Kanner wöchentlech d'Natur am Joreszyklus erliewen an dëst an der Géigend wou si sech orientéiere kënnen, wou si wunnen a wou si hier Fräizäit verbréngen.

## 2. Zieler an d'Stärkten vum Projet NaturErliefnisSchoul

### 3. Eis pedagogesch-didaktesch Methoden

D'Konzept vun der NaturErfnisSchoul baséiert op de Saile vun der **ganzheetlecher Léiermethod**.

Di Entwécklungs- a Förderberäicher un deene mir schaffe sinn **d'Kognitioun, d'Kommunikatioun, d'Motorik, d'Sensorik, d'Sozialverhalten an d'Emotionalitéit**.

Eis Methode schwätzen **all d'Sënner** vun de Kanner un an erméiglechen esou ee multikodéiert Léieren. Mir stimuléieren all Woch de Kanner hier **raimlech, zäitlech a sensoresch Erënnerung**.

D'Léieren ass **spiralförmesch, fächeriwgräifend, praxisorientéiert, situatiounsbezunn, kreativ an kooperativ** opgebaut fir esou hiert **vernetzten Denken** ze féieren.

Eis ass et ee wichtegt Uleies de Kanner eng breetgefächert Methodentechnik unzebidden, fir datt **d'Léiere fir si ëmmer BEDEITEND a lieweg bleift**.

De Projet NaturErfnisSchoul beinhaltet och **de Generatiounsgaart** deen seit März 2019 seng Dieren opgemaakt huet an Jonk an Aal aus der Gemeng mateneen verbënnt. Hei ginn et Beeter an Aktivitéiten fir d'Schoukllassen, d Maison Relais, d'Senioren.....

An desëm Kader hunn mir eng Formatioun als Ausbildung **zu Geschmaachsléierkräften** an der "**Ecole du Goût**", déi genee wéi mir een Deel vun der "Naturparkschoul heich 3" ass, gemach. Mir denken dass dëse Volet een Atout fir NaturErfnisSchoul ass, well en et eis erlaabt de Kanner nees den urspréngleche Goût fir Liewensmëttel bewosst ze maachen a si esou un eng gesond Ernierung erun ze féieren. Dësweideren ermeiglecht dës Formatioun eis et de Kanner bewosst ze machen datt d'Schmachten and'Riechen individuell sinn an datt een d'Empfannen dovun bei all Mensch akzeptieren an tolereieren soll.

\* Beispiller zu eise Methode leie vir a kënne gär agesi ginn.

\* Eng detailléiert Dokumentatioun vun den Aktivitéiten vum Moien an der Natur besteet seit Januar 2019 a kann gär agesinn ginn.


#### **4. D'Acteuren an d'Vernetzung vun eisem Projet**

Eist Verständnis vun der Kooperatioun mat ënnerschiddlechen Acteure baséiert op dem Haaptzil vum PDS vun der Grondschoul Beeforter Buergfénkelcher:

##### **Zesummen motivéiert léieren.**

Virun allem dat Wuert „**zesummen**“ huet eis an der Planung vum Pilotprojet begleet an dozou bruecht net nëmme schoulintern Acteuren ze implizéiere mee de Persounenkrees an esou de Ressourcekrees ze erweideren.


Op der folgender Grafik gesitt dir d'Acteuren déi am Projet NaturErliefnisSchoul verankert sinn a wéi d'Vernetzung sech duerch di ganz Gemeng zitt.




## 5. Réckbléck op daat aktuell Schouljoer 2018-2019

Hei ass en Iwwerbléck vun eisen Ëmsetzungen an der NaturErliefnisSchoul vun dësem Schouljoer :

### Am Kader vun der Schoul :




### Am Kader vun Kooperatiounen mat Aneren :





## Am Kader vun de Weiderbildungen:



## 6. Perspektive fir d'Schouljoer 2019-2020.

Fir eis Praxis ze lwwerpréiwen an et ze erméigleche kontinuéierlech de Projet unzepassen an ze verbessere, goufen a gi weiderhin, ënnerschiddlech Evaluatiounsfroebéi\* mat de bedeelegten Acteuren (Kanner, Elteren an Enseignanten) duerchgefouert.

D'Ziel vun dëse Froebéi ass d'Erfaasse vun der subjektiver Astellung vun den Acteuren zum Projet (Zefriddenheet, Sënnhaftegkeet, Entwécklungsprozess vun de Kanner, Verbesserungsvirschléi...).

De Feedback vun de Kanner, den Elteren an den Enseignante war gréisstendeels positiv. Virun allem de wöchentlechen Austausch mat dem Léierpersonal huet zur Erkenntnis gefouert datt di erhéichten Differenzéierung, an d'Individualiséierung vum Unterrecht op Grond vun der Reduzéierung vun der Gruppegréisst an dem handlungsorientéierten, ganzheetlechen Unterrecht an der Natur, zu enger Verbesserung an ënnerschiddlechen Entwécklungsberaicher vun de Kanner gefouert huet.

Op Grond vun de positiven Entwécklungsprozesser déi mir elo während engem dreiveirels Joer bei der praktescher Ëmsetzung vun eisem Projet bei de Kanner vum C2.1 konnte feststellen, souwéi der Ënnerstützung vun den Enseignante aus dem ganzen C2, sinn mir bereet méi Zäit an Energie opzebrénge fir kënnen der Demande vun den Enseignanteë gerecht ze ginn dës Klassen am nächste Schouljoer weider an den C2.2 ze begleeden.

Dëst bedeit datt de Projet an Zukunft am C2.1 weidergefouert géing ginn an op de C2.2 ausgebreit géing ginn falls de Ministère déi neideg Ressourcen dofir zur Verfügung stellt. Aus der Perspektiv vun de Personal-Ressourcë géing dëst bedeiten dat mir fir d'Weiderféieren an den Ausbau vum Projet am Schouljoer 2019-2020 am Ganzen 2 Dechargë vu 75 % fir den Natur- a Geopark Mëllerdall benéidege géingen.

Mat dësem Personalschlëssel géinge mir d' Kanner aus viraussichtlech 6 Klassen d.h. de ganze C2 errechen. An dësem Fall géing all Schüler aus dem **C2.1 ee Moie pro Woch vun dem Unterrecht an der Natur profitéieren**. Gläichzäiteg géing all Schüler aus dem **C2.2 alternativ all zweet Woch en Moien an der Natur**, an all **zweet Woch en Mëtteg am Schoulgaart** verbréngen.

Fir Differenzéierung an d'Individualiséierung vum Unterrecht an der Klass geng daat bedeit dat datt all Kand aus dem **C2.1 ee mol pro Woch op engem Moien** een differenzéierten Unterrecht am **klenge Grupp** an der Klass hätt. An **all Kand aus dem C2.2 ofwiesselnd ee Moien oder ee Mëtteg pro Woch** kéint vun engem klenge Klassegrupp benefisséiere.

An Kooperatioun mam Léierpersonal gouf en provisoreschen Horaire mat den aktuelle Kannerzuele fir d'Schüler aus dem C2 fir d'Schouljoer 2019-2020 ausgeschafft. Et war nëmme meiglech dësen Horaire ze erstellen op Grond vun der Flexibilitéit vun allen concernéierten Enseignanten.

## Wann mir di neideg Ressourcen kréien, ass fir d'nächst Schouljoer 2019-2020

### geplangt:

- Hospitatiounen esou auszebauen datt intresséiert Titulairen mat hierer ganzer Klass kënnen eis an d'Natur begleeden.
- Weider Formatiounen am Bereich vum Selbstvertrauen, de Sciences nat. an Lernen im grünen Klassenzimmer
- Weider Kooperatiounen national an international
- eng Zesummenarbescht mat der ISL
- Un engem nationalen Netzwierk mat ze schaffen mat enger Austauschplattform
- Eise Generatiounsgaart opzemaachen fir d'Schoulen aus dem NPM
- D'Dokumentatioun déi mir bis elo gemach hunn esou auszeschaffen datt och aaner Klassen dovun profitéiere kënnen

Falls et elo wéinst der Penurie net méiglech ass datt de Ministère eis 75 % accordéiert, wieren mir frou wéinstens zwou Hallef Tâchen ze kréien fir mam C2.2 weider ze goen sou datt den Projet net ofstierft, an mir Erfarungen fir den ganzen Cycle 2 sammelen kënnen en Attente datt d'Penurie vun den Enseignanten behuewen gëtt.

An der Hoffnung datt mir iech konnten ee klengen Abléck an eisen Projet ginn, an datt e bësse vun eiser Begeeschterung op iech iwwerspréngt, soe mer iech Merci fir är Zäit.

Mat frëndleche Gréiss,

Sandra Leoni & Joëlle Renoir  
vum Projet  
NaturErliefnisSchoul